

Keine Vision und kein Konzept

Der große Bluff

Ein Jahr Blau-Rot-Grün

## Die Negativbilanz in sechs Punkten.

Ideologie statt Wahlfreiheit

Vom Spar- zum Bezahlpaket

Keine neuen Perspektiven


Note ungenügend

### /// NEIES AUS DER GEMENG SUESSEM

Är CSV Verrieder



Nathalie  
MORGENTHALER



Mike LORANG



Carine  
REUTER-BAULER

## D'SOMMERRODELBAHN UM GAALGEBIERG - WÉI GEET ET WEIDER?

De Schäfferot plangt eng Sommerrodelbahn vum Gaalgebierg erof bei d'Kultur- a Geschichtshaus „A Gadder“ ze bauen. Am Budget vun dësem Joer sinn dofir 100 000€ virgesinn.

Als Oppositionspolitiker hu mär schon am Kader vun de Budgetsdiskussiounen am Dezember 2013 d'Noutwendegkeet vun deem Projet a Fro gestallt an och aner Aspekter hannerfrot.

Mëttlerweil ass de Projet e bësse méi konkret ginn an ass esouwuel de Politiker ewéi och den Awunner virgestallt ginn.

Et handelt sech ëm eng Bunn vu 640m Längt, déi 1,2 Milliounen € am ganze géif kaschten, wouvun de Staat d'Hallschent subventionéiert.

D'CSV féint d'Plaz vun der Bunn onglécklech a stellt sech eng ganz Rei vu Froen zu der Rentabilitéit vun der Anlag, den Nofolgekäschten a virun allem der Ëmwelt, dem Verkéier an dem Schutz vun den Awunner.

Well all dës Froen bis elo net zefriddestellend konnte beäntwert ginn, bleift d'CSV bei hirer retizenter Haltung an ënnerstëtzt d'Awunner, déi sech géint dee Projet zur Wier gesat hunn oder nach wäerte setzen.



Schéi Feierdeeg &  
E SCHÉINT NEIT JOER



## OKTOBERFEST

D'Oktoberfest vun der CSV Suessem wuar och dëst Joer nees ee groussen Erfolleg. Bei engem gudden Maufel a Gedrénks, Spill a Spaass hate mir ee geselligen Dag zu Éilereng am Kulturschapp.



## NEIES RESP. ALES AUS DER GEMENG

Wien huet dann hei seng Hausaufgaben net gemat? Oder wéi kann et sinn, dass Méint no der Fäerdegstellung vun der Foussgängerbréck zu Bieles d'Gelänner nach ëmmer feelt an duerch ee provisoerscht ersat ginn ass? Il n'y a que le provisoire qui dure...



## DÉI RICHTEG SCHLUSSFOLGERUNGEN ZÉIE W.E.G!

D'Gemeng organiséiert ganz luewenswäert an informativ Deeg, fir déi Bierger, déi dohinner luusse ginn. Ma firwat kommen net méi Leit?

Esouwuel beim Fairtrade-Brunch, wou et esouguer gratis z'esse ginn ass, wéi bei der „Journée de la mobilité“ wuare leider net vill Leit laanschtkomm.

Et ass elo um Schäfferot an deenen zoustännege Gemengebeamten, dës Tatsaach z'analyséieren, no de méigleche Grënn ze sichen an dann déi richteg Schlussfolgerungen ze zéien.

D'CSV-Gemengeréit an eis Verrieder an de Kommissiounen si gäre bereet hiren Input ze ginn, fir dass dës flott Initiativen och den néidegen Erfolleg kréien.

## DEEN NEIEN NUMM VUM „SCHEIERHAFF“



Hutt Där et scho matkritt? De „Scheierhaff“ ass ëmbeannt ginn an zwuar a „KUSS“ (Kultur, Sport, Scheierhaff).

All Sall huet och elo een Numm kritt, deen dovun ofgeleet ginn ass. Esou heescht deen neie Kultursall „Artikuss“, d'Buvette

„Tabernakuss“, den Turnsall heescht elo „Gymnikuss“... asw. Et bleift ze hoffen, dass jiddereen de richtige Sall fënnt!

De Buergermeeschter huet bei der Ouverture vum Artikuss erklärt, dass d'Geleeënheet grad elo do wuar, fir deem ganze Komplex een neien Numm ze ginn.

D'CSV huet och scho méi laang dofir plädéiert, déi offiziell Ofkierzung CORKS (fir Centre omnisports Roger Krier) falen ze loossen an d'Hal ganz einfach esou ze nenne wéi all Mënsch se nennt, neemlech „Scheierhaff“. Dat hätt jo net verhënnert, nëmme deem neie Kultursall een eegenen Numm ze ginn...

Mär hoffen op alle Fall, dass net eng Kommunikatiounsfirma vill Geld dofir kritt huet fir esou een „originellen“ Numm ze fannen!

Iwwregens ass den Artikuss nom Vote vun 2006 am Gemengerot du schlussendlech Freides, den 19. September 2014 ageweit ginn. De Gemengerot huet awer eréischt de Méinden no der Aweigung dierfen iwwert dee faméisene neien Numm KUSS ofstëmmen. D'Signalisatioun (esouwuel am Gebai selwer wéi och d'Stroosseschëlde an der Gemeng) wuar awer scho virdrun ugepasst ginn (cf Foto). Esou vill zum Demokratieverständnis vum Schäfferot!

## D'GEMENG SOLL MAM GUDDE BEISPILL VIRGOEN!

An enger Gemengerotssëtzung vum läschte Joer hat d'CSV drop opmierksam gemat, dass Uarbechter am Optrag vun der Gemeng scho virun 8 Auer Moies géifen op öffentleche Plaze méinen an dat obwuel dem Artikel 10 vum „Règlement communal contre le bruit“ vun 1990 no dëst eréischt ab 8 Auer erlaabt ass.

De Buergermeeschter hat eis deemools zougeséichert, dass heen den zoustännege Gemengeservicer géif mat op de Wee ginn, sech un d'Reglement ze halen, andeems se mat aner Uarbechten ufänke sollen.

Nodeems sech erausgestallt huet, dass sech och dëst Joer erëm net un d'Reglement gehale ginn ass a scho virun der erlaabter Zäit geméint ginn ass, huet d'CSV nach eng Kéier am Gemengerot nogehaakt, wéi dat méiglech wär.

Well eis Gemengeleit am Prinzip vu 7 bis 15 Auer schaffen, huet de Schäfferot dann elo virgeschloen, et wär awer vläicht méi einfach d'Reglement z'änneren. Bis haut ass awer vun hirer Säit nach net geschitt, weder – nach also. Deemno ass dëst eng „Affaire à suivre“!

## ENG ONGLÉCKLECH MANÉIER FIR LEIT ANZELUEDEN!

D'Gemengenagenda, déi all Stot a seng Bréifkëscht kritt, presentéiert ëmmer d'Aktivitéiten iwwer e puer Méint. An deem konkrete Fall dee mir Äech presentéiere wëllen, wuar dat déi, déi den 1. Juli 2014 ugefaangen huet.

An där Ausgab, a mëttlerweil och ëmmer méi dacks an aneren, ginn

alt och weider wichteg Invitatiounen bäigeluecht.

Esou wuar eng Informatiounsversammlung iwwert déi nei Deponie op Gadderscheier mat ënnert anerem der Ëmweltministesch den 30. Juni 2014 um Scheierhaff. Dës ass awer leider nëmme iwwert ee Blat, wat an dëser Agenda

bäigeluecht gi wuar, ugekënnegt ginn. Doduerch hunn all déi Leit déi d'Agenda net mat Zäite gekuckt haten, dorënner och Gemengeréit, déi keng separat, perséinlech Invitatioun kritt haten (!), deen dach bestëmmt interessanten an informativen Owend verpasst. Den Informatiounsfloss vum Schäfferot ass deemno nach stuerk verbesserungswierdeg!